LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°6975 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Lieu de résidence des membres du conseil communal"**

Zu de Froe ronderëm de Wunnsëtz vun dräi Conseilleren aus der Gemeng Réimech an der Ausübung vun hirem Mandat hunn ech just Informatiounen aus der Press. Aus dëse geet ervir, dass d'Gemengenautoritéiten déi legal Prozedur lancéiert hunn, fir z'iwwerpréifen, ob si tatsächlech op där Adress wunnen, wou si sech am Populatiounsregëster aschreiwe gelooss hunn. De Contrôle vun de Gemengenautoritéiten huet erginn, dass ee vun den dräi Conseilleren effektiv an der Gemeng wunnt. Bei dem zweete Conseiller ginn et Zweifel, wärend deen drëtten elo an enger anerer Gemeng wunnt. Am drëtte Fall läit der Press no och eng Démissioun aus dem Gemengerot vir. Ausserdeem huet de Buergermeeschter an enger Gemengerotssëtzung confirméiert, dass dee Conseiller säi Wunnsëtz bis zum Zäitpunkt vu senger Démissioun an der Gemeng hat.

De Code de procédure pénale gesäit am Artikel 23 vir, dass verschidden ëffentlech Autoritéiten de Procureur mussen informéieren, wa se Kenntnis vun enger krimineller oder deliktueller Strofdot hunn. Am Géigesaz zu de Gemengenautoritéiten hunn ech keng direkt a keng perséinlech Kenntnis vun de Virfäll an der Gemeng Réimech a kann net aschätzen, ob et Fakte ginn, déi op eng Strofdot hiweisen. D'Flicht, fir de Parquet z'informéieren, läit an dësem Fall bei de Gemengenautoritéite selwer.

Eng Persoun, déi sech ze spéit oder guer net an de Populatiounsregëster vun der Gemeng androe léisst, begeet eng Contraventioun, fir déi d'Informatiounsflicht op Basis vum Artikel 23 vum Code de procédure pénale allerdéngs net besteet.

Lëtzebuerg, den 21/10/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding